

NATIVE VILLAGE NEWS

MAERZ 2025

Léif Guiden a Scouten, Léif Frënn vum Keltenhaus,

Eis Newsletter kënt dëst Joer e bësse spët - bedéngt duerch déi vill Projeten am a ronderëm d'Keltenhaus. Mir wëllen lech awer e klengen Iwwerbléck ginn, wat an de leschte Méint geschitt ass a wat fir spannend Projeten an Aktivitéiten 2025 virun der Dier stinn.

20 Joer Keltenhaus - eng Erfollegsgeschicht

Dëst Joer hu mir e besonnesche Grond ze feieren: Den 20. Gebuertsdag vum Keltenhaus! Virun 20 Joer hu mir mam Plangen ugefaangen, a kuerz duerno ass mat Bauen ugefaange ginn. Vill Guiden a Scouten, Schouklasse an aner Jugendorganisatiounen waren an den dräi Joer Bauzäit aktiv dobäi. No der Aweigung vum Keltenhaus 2008 si weider Infrastrukture wéi d'Schmëtt, de Keramikuewen an eis Outdoorkichen dobäikomm.

D'Ekipp Native Village huet zënterhier eng grouss Offer un naturpädagogesche Programmer a Formatiounen

ugebueden - mat iwwer 30.000 Jonker, déi bis elo un eisen Aktivitéiten deelgeholl hunn. Dat ass e kloert Zeechen, datt eist Zil, d'Natur de Jonken erëm méi no ze bréngen, e grouse Succès war a bleift!

Dréngend
Renovatiounsaarbechten - Mat Ärer Hëllef!

No 20 Joer war et Zäit fir wichteg Renovatiounen, woumat am September 2024 ugefaange gouf.

Déi éischt Etapp ass schon ofgeschloss. E neie Reetdach (gedeckt vun enger hollännescher Spezialfirma) an d' Ausbessere vun de Baussemauern si gemaach. Di hëlze Poteauen, goufe gefléckt. An de nächste Woche sti weider Schaffjournéen an eisen traditionelle Workingcamp an der Ouschtervakanz um Programm. Bis Mëtt Mee wëlle mir déi gréisst Aarbechten ofgeschloss hunn.

Opruff un all Guiden a Scouten!

Mir brauchen also weiderhin är Hëllef! Wann Dir Loscht hutt,



Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Native Village



Neihaischen
Guide and Scout Centre



AN DESE NEWS:

- MeetUp Formatioun
- Working Camp Native Village
- Bronze-Wollef-Feier fir eise Chef-Scout Guillaume
- Péngschtcamp Native Village
- Réckbléck op verschidden Aktivitéiten 2024



E gousse Merci un eis Sponsoren

lalux^l

VOYAGES
VANDIVINIT
D'GROUPE vum CPEP

BIL
BANK
INTERNATIONAL
LUXEMBOURG

mat unzepaken, dann zéckt net a kommt bei eis op d'Schaffjournéen. Zesumme schaffe mir drun, datt d'Keltenhaus och déi nächst 20 Joer e liewege Plaz fir Naturerliefnes a Jugendaktivitéite bleibt.

Dëst Joer steet net nëmmen am Zeeche vun der Aarbecht, mee och vu ville flotte Programmer! Hei e puer Highlights:

- Bronze Wollef Feier fir eise Chefscout am Mee
- Gebuertsdagscamp fir d'Cheffen an der Päischtvakanz
- Schouklasse am Keltenhaus
- Participatioun um nationale Wëllefchercamp "Mystaria" zu Stroossen
- Eist traditionellt Wëlldiessen am Keltenhaus, no engem Joer Paus zeréck am Hierscht

An dëser Newsletter fannt dir weider Informatiounen zu all deene villen Aktivitéiten

Mir freeën eis op lech!

Fir d'Ekipp Native Village

Tom Lehr



29. 03. 2025: MEETUP FORMATIOUN " BASIS-FORMATIOUN MOTORSEE UM NEIHAISCHEN"

Samschdes, 29. 3. 2025 vun 09h00 – 13h00 um Neihaischen

Beschreibung:

Bei dëser Formatioun kritt een een Abléck a verschidde Punkten, déi beim Schaffe mat enger Motorsee elementar sinn, wéi z.B. Gefore beim Schaffe mat der Motorsee, heefeg Feeler, eventuell rechtlech Suiten, technesch Detailer vun enger Motorsee, Schutzkleedung a Sécherheet.

Wichtig Informatiounen:

Jidderee muss eng Motorsee a eng komplett Schutzkleedung matbréngen:

- Helm mat Visièr oder Schutzbrëll a Gehéierschutz
- Schnëttschutzbox
- Sécherheet-Schong, wa méiglech mat Schnëttschutz
- Eventuell perséinlechen Éischt-Hëllef-Kit

Zousätzlech Informatiounen:

- Et kenne maximal 10 Persounen un där Formatioun deelhuefen.
- Fir dës Formatioun muss een e Mindestalter vun 18 Joer hunn.
- Formateur: Georges D'Orazio (Fierschter ANF)



Umeldung:

<https://chefbox.lgs.lu/portal/formatioun/147/>

08.-11.04.2025: WORKING CAMP NATIVE VILLAGE

De Working-Camp an der Ouschtervakanz – e wichtege Rendez-vous! Dir kënnt di ganz Woch oder nëmmen eenzel Deeg dobäi sinn! Iwwernuecht gëtt am Chalet vun der FNEL zu Schëtter. Wat steet um Programm?

- Dréchemauer bauen
- Lehmmaueren vum Keltenhaus a vun der Schmëtt ausbesseren
- Flécke vun den Naturclôtüren
- Aarbechten um Elektresch am Keltenhaus
- Finissage vun der neier Holzplattform
- Brennholz preparéieren

Nieft de villen Aarbechten bidde mir och geselleg Owender a gudder Ambiance un.

Umeldung:

Schéckt eng E-Mail op neihaischen@lgs.lu



17. 05. 2025 BRONZE-WOLLEF-FEIER FIR EISE CHEF-SCOUT GUILLAUME

Eise Chef Scout Guillaume kritt d'ësst Joer déi héchsten Auszeechnung vum WOSM – de Bronze Wollef – iwwerrecht! Dës Auszeechnung verdénkt natierlech eng richtig Feier, an dofir ginn sech de 17. Mee ongeféier 500 Cheffe vun FNEL an LGS um Neihaischen erwaart, fir zesumme mat villen Éieregäscht d'ësse besonneschen Dag ze feieren.



credits: <https://worldscoutfoundation.org/news/inh-prince-guillaume-luxembourg-receives-bronze-wolf-award>.

Programm nomëttes

- Offiziell Zeremonie mat der Iwwerreechung vum Bronze Wollef
- Outdoor-Kichen mat klengen Häppercher ronderëm d'Keltenhaus, präparéiert vun der Ekipp Native Village a Leit vun der FNEL
- Animatioun a kleng Workshops fir d'Scoutscheffen

Programm Owes

- lessen am Keltenhaus
- Live Concert & Lagerfeier
- Bar & gutt Stëmmung

Fir datt d'esen Dag e volle Succès gëtt, brauche mir nach vill Hëllef. Hues du Loscht eis ze hëllef, da mell dech gäre beim Tom Lahr ënner: tom.lahr@lgs.lu

23.-27. 05. 2025 PÉNGSCHTCAMP NATIVE VILLAGE FIR RARO A CHEFFEN 20 JOER FEIER KELTENHAUS

Mir bidden eise RaRo a Cheffen d'Méiglechkeet, e flotten a spannenden Outdoor-Camp am Kader vum 20. Anniversaire vum Keltenhaus ze erliewen. Hei kënn Dir un interessante Workshoppen deelhuefen, selwer äre Programm zesummestellen a jee no Loscht eenzel Deeg oder de ganze Camp matmaachen.

Wat erwaart lech?

- Schlofen am Zelt
- Kachen dobaussen um Feier
- Lagerfeier am Keltenhaus
- Highlight: Gebuertsdagsfeier mat Live-Concert
- Workshoppen an Aktivitéiten

Dir kënn eenzel Deeg oder iwwert de ganze Camp Workshops eraussichen an esou äre Programm individuell gestalten. Liest d'Beschreiwunge gutt duerch, ier dir iech aschreift. Verschidde Workshoppen hunn eng limitéiert Unzuel u Participanten.

Workshop: "Schaffe mat Silex"

Leedung: Dr. Johann Tinnes

Dauer: 2 Deeg (26. - 27. Mee 2025)

Max. Participanten: 8

Beschreibung: Aféierung a steenzäitlech Techniken, Feier maachen, Hierstelle vun engem Faustkeil, vun engem Pfahlbaummesser, vu Pfeilspëtzen, enger Nol aus Schanken, engem Säckelchen aus Lieder, engem Retoucheur, engem steenzäitlechen „Feuerzeug-Set“ (Zunder, Markasit, Silex) a verschiddenen anere Geräter aus Steen.



Workshop: "Steenzäit Bogenbau"

Leedung: Dr. Johann Tinnes

Dauer: 2 Deeg (24. - 25. Mee 2025)

Max. Participanten: 10

Beschreibung: Baue vun engem Steenzäit Bou mat zwee Feiler (inklusive Fiederen a passend Spëtzt)

Workshop: "Outdoor Cooking"

Leedung: Ekipp Native Village

Dauer: 2 Deeg (24. - 25. Mee 2025)

Max. Participanten: 15

Beschreibung: Kache mat waarme Steng a mat Lieder, Kachen mam Dutch Oven, mam Murikan an anere Materialien, Reechertechniken kennelieren an ausprobieren



Workshop: "Aféierung an d'Schmidden"

Leedung: Hephaistos Vereenegung

Dauer: 1 Dag (24. oder 25. Mee 2025)

Max. Participanten: 8 pro Dag

Beschreibung: Aféierung an d'Technik vum Schmidden, Schimide vu Läffel, Louche, Forschette, Grillforschette, Krep fir Geschier, Trépied, Feierschliéier, asw.

Workshop: "Outdoorkichen mat Wëllplanzen"

Leedung: Manon Bissen (Wildkräuterpädagogin)

Dauer: 1 Dag (26. Mee 2025)

Max. Participanten: 12

Beschreibung: Bestëmmen a Kenneléiere vu wichtege Wëllplanzen; Kache mat Wëllplanzen am Outdoor-Kader



Workshop: "1. Hëllef mat Wëllplanzen"

Leedung: Manon Bissen (Wildkräuterpädagogin)

Dauer: 1/2 Dag (27. Mee 2025)

Max. Participanten: 18

Beschreibung: Bestëmmen a Kenneléiere vu wichtege Wëllplanzen, Hierstelle vu Sallwen, Tinkturen, an aneren natierlechen Heelmëtzel

Umeldung:

Umelle kanns du dech bis spëitstens de 5. Mee 2025 ënnert follgendem Link:

<https://nativevillage.lgs.lu/event/pengscht-camp-native-village/>

Präis vum Camp: 100€ (Programm an lessen inclus) / 25€ pro Dag

23.-27. 05. 2025 „HELPING HANDS“ UM PÉNGSCHTCAMP / MATAARBECHTER VUM NATIVE VILLAGE / 20 JOER FEIER KELTENHAUS

Eise Gebuertsdagscamp ass natierlech och fir eis Mataarbechter vun der Ekipp Native Village, déi net un de Workshops deelhuele wëllen op. Um Camp ginn och Leit gebraucht fir bei de Campkonstruktiounen (Dësch, Kichen, ...) , Lagerfeier, Hëllef an der Campkichen, Bar am Keltenhaus, ... Wéi dir bestëmmt wësst, ass um Site ëmmer Aarbecht.

Umeldung:

Bis spëitstens de 5. Mee 2025 ënnert: tom.lahr@lgs.lu

20.-26. 07. 2025 NATIONALE WËLLEFCHERSCAMP „MYSTARIA“ ZU STROOSSEN

Vum 20. bis de 26. Juli ass eng mei lass zu Stroossen. Hei fënnt den nationale Wëllefcherscamp statt. Eng ronn 700 Kanner tauchen zesumme mat hire Chef an déi magesch Welt “Mystaria” an. Si léieren net nëmme verschidde magesch Wiesen ewéi den Aquilia, den Umbra, de Glimmerwicht oder den Aetherius kennen, ma si erliewen och e lauter flott an opreegend Momenter zesummen. Fir dass d’Kanner eng schéin Zäit op dësem Camp kënnen verbréngen, sinn d’Organisateuren op d’Hëllef vu villen Leit ugewisen.



Infra:

Bei der Infra ginn natierlech och nach Leit gebraucht, dëst virum, während an nom Camp. Hei emol an lwwerbléck iwwert wichteg Deeg, wou vill Hänn gebraucht ginn.

Opriichte vun de Schloofzelter um Futtballsterrain:	12. / 13. Juli 2025
Preparatiounen um Terrain:	14. / 15. / 17. / 19. Juli 2025
Opriichte vum groussen Zelt:	16. Juli 2025
Installatioun vun der Kichen:	18. Juli 2025
Oofriichte vun de Schloofzelter:	27. / 28. Juli 2025
Oofriichte vun der Kichen:	28. Juli 2025
Oofriichte vum groussen Zelt:	29. Juli 2025
Apake vum Material:	27. - 31. Juli 2025

Ravi:

An der Kichen hëllef, dat kënnen 1-2 Deeg si, mä natierlech och gären de ganze Camp. Vill verschidden Aufgabe falen an dësem Beräich un. Mell dech dofir beim Dennis Heck (dennis.heck@lgs.lu oder ravi@mystaria.lu).

Programm:

Vum 21. Juli bis de 24. Juli fënnt de „Kreativen Dag“ statt. Um „Kreativen Dag“ bidde mir eng Rei Ateliere un, an deenen der Kanner hirer Fantasie a Kreativitéit keng Grenze gesat sinn. Si schnëtzen sech en Zauberstaf, bitzen sech en Ëmhang, léieren en Danz, bauen eng Skulptur an nach villes méi.

Wëlls du och Deel vun dem Dag sinn, da mell dech roueg. Du kanns gäre bei engem Atelier hëllef oder en Atelier ubidden. Mir hate gehofft e puer Leit vum Native Village wéilten eventuell de Kanner weisen ewéi si hiert Stackbrount kéinte pimpen oder eventuell e Kraideratelier ubidden. Weider Informatiounen kriss du op follgender Adress: elodie.renard@hotmail.de

Crèche/Minicamp:

D’Kanner vum Staff encadréiere fir hinne während dem Camp flott Aktivitéiten ze bidden. Mell dech dofir beim Lexy Meier op follgender Adress: lexmeier@gmail.com

Weider Detailer an Umeldung fir de Staff ënnert follgendem Link: <https://mystaria.lgs.lu/>



RÉCKBLÉCK OP VERSCHIDDENEN AKTIVITÉITEN 2024

18. – 19. 05. 2024 10th international Bealtaine Festival



Déi 10. Editioun vum Bealtaine Festival war wéinst de Wiederkonditiounen eng schwierig an aarbechtsintensiv Editioun, mat vill Improvisatioun a Flexibilitéit. Wat bleift zréck vum Festival 2024?

Eng 3.000 Visiteuren hunn trotz Reen de Wee op Neihaischen fonnt, bal 900 Kanner hu bei den Aktivitéite matgemaach, dorënner eng 300 Guiden a Scouten, dat beweist déi enk Verbonnenheet mam Festival. Um Programm fir déi Jonk stoungen iwwert 25 verschidde Workshops a

Spiller wéi Brout baken am Keltenhaus, Filzen, Stoffstempel, Henna-Tattoo, Keramikaarbechten, Kraider, Bastele mat Naturmaterialien, Kärzen zéien, Liedermedaillon, keltesch Schwäerter a Schëlde,



Bracelet wiewen, Halsschmuck aus Specksteen, Feieranzünder hierstellen, Holzschnëtzten, Kraidersallwen hierstellen, Feiertechniken, Bou schéissen, Monkey Trees, Naturspiller, ... E weideren Héichpunkt nieft den Duerstellung vum iwwert 120 keltesche Reenactors, war Samschdes owes d'Feiershow mat dem Grupp „Opale de Lune“ vu Paräis. Iwwert 150 Mataarbechter hunn e

puer Stonnen, de ganze Weekend, oder iwwert eng Woch um Bealtaine gehollef. Ouni des Hëllef kéinte mir de Festival net organiséieren. Merci iech alleguer. Dir waart super.



12.10.2024

Benefissiessen „Keltenhausdach“ zu Uespelt am Centre Culturel



Am Oktober 2024 hat d'Ekipp Native Village op e grousst Benefissiessen mat 7 Gäng an de Centre Culturel zu Uespelt invitéiert. Eis benevol Kichenekipp huet fir eng 70 Invitéen e 7 Gäng Menü mat frësche Produce gekacht, an et war e gastronomeschen Highlight. E grousse Merci och un eis Sponsore fir hir Ënnerstëtzung. D'nächst Joer gesi mir eis erëm um Wëltdiessen am Keltenhaus



September 2024 Kick-Off vun den Aarbechten um Keltenhausdach



No laange Preparatioune war et nom Chefdag souwäit. D'Renovatiounsaarbechten um Site Native Village, a besonnesch um Keltenhaus hunn ugefaang. D'Keltenhaus gouf geraumt, d'Lehmmauere bausse gefleckt, an de gréisste Projet, d'Ofdecke vum ale Reetdach konnt an Ugrëff geholl ginn.



Oktober – November 2024

Renovatioun Keltenhausdach duerch d'Firma ELG aus Holland



No den Ofdeckearbechten, gouf a Rekordzäit vun der hollännescher Firma ELG Rietdekkers den Dach vum Keltenhaus komplett nei gedeckt. Eng nei Spëtz kréint elo uewen den Dach. Bravo un ELG Rietdekkers fir des super Aarbecht. An den nächste Méint sti weider wichteg Renovatiounsaarbechten um Programm wéi z. B. d'Lehmmauern ausbesseren, d'Elektresch nei maachen, d'Holz-Plattformen erneieren, asw. ... Bis Enn Mee 2025 wäerten all des Aarbechten ofgeschloss sinn, an de Site ass dann erëm op fir d'Gruppe vun den LGS.





www.nativevillage.lu



www.bealtaine.lu



neihaischen@lgs.lu



[Native Village](#)



[Bealtaine](#)



[native_village_neihaischen](#)



[bealtaine_neihaischen](#)

Agenda

- | | |
|--------------------|--|
| 29. 03. 2025 | MeetUp Formatioun “ Basis-Formatioun Motorsee um Neihaischen” |
| 08. - 11. 04. 2025 | Working Camp Native Village |
| 17. 05. 2025 | Bronze-Wollef-Feier fir eise Chef-Scout Guillaume um Neihaischen |
| 23. - 27. 05. 2025 | Péngschtcamp Native Village fir Cheffen 20 Joer Feier Keltenhaus |
| 20. - 26. 07. 2025 | Nationale Wëllefcherscamp „Mystaria“ zu Stroossen |
| 21. 09. 2025 | LGS Kongress a Chefdag |
| 14. - 15. 11. 2025 | Wëldiessen am Keltenhaus |
| 16. 11. 2025 | Whiskytasting am Keltenhaus |

Impressum:

Texter: Tom Lahr

Fotoen: Tom Lahr, Native Village

Layout: Marc Sinner

Adress:

Lëtzebuenger Guiden a Scouten

Native Village

1, rue Principale

L-5290 Neihaischen

Tel: +352 357645

Fax: +352 26352166

Mail: neihaischen@lgs.lu

BIL : LU32 0022 0000 0134 5985



E gousse Merci un eis Sponsoren

lalux

**VOYAGES
VANDIVINIT**
le Grand sur Chef

BIL
MARQUE
INTERNATIONALE
A Sponsoring